SEMIRAY AHMEDOVA

DEPUTÉIERT

D'Semiray Ahmedova (Joergang 1981) ass eng Lëtzebuergesch Politikerin vun déi gréng, ass bestuet a wunnt zu Diddeleng.

2019 ass si an d'Chamber nogeréckelt, wou si och Presidentin vun der Logementskommissioun ginn ass.

D'Semiray Ahmedova huet Architektur studéiert a no hirem zweete Masterstudium an der Stad- a Landesplanung huet si als Architektin geschafft a wärenddeem weider Formatiounen am Beräich vun den erneierbaren Energien an dem nohaltegem Bauen absolvéiert. Uschléissend war si als Energieberoderin fir privat Leit an eng séllege Gemengen täteg.

Ier si hiert Mandat als Deputéiert ugeholl huet, war d'Semiray Ahmedova am Ministère de l'energie et de l'aménagement du territoire am Beräich vun der nohalteger urbanistescher Planung an Entwécklung engagéiert.

Parlamentaresch Kommissiounen

- **Logement (Presidentin)**
- **Kultur**
- **Bannenzeg Sécherheet a Verdeedegung**
- **Ëmwelt, Klima, Energie a Landesplanung**
- **Ekonomie, Verbraucherschutz a Weltall**
- **Budgetskontroll**
- **Mëttelklass an Tourismus**

Parlamentaresch Delegatiounen

- **Parlamentaresch Versammlung vun der NATO (Suppleant)**

Weider Mandater a Funktiounen

- **Gemengeréitin zu Diddeleng**

CONTACT

Semiray Ahmedova
Députée
4, rue du St. Esprit
L-1475 Luxembourg
sahmedova@chd.lu
(+352) 46 37 40-1